



Deeg a ganz schnell erëm en Emploi erëm-fannen, sief dat hei zu Lëtzebuerg oder eventuell och an engem Nopeschland.

Wat elo de Comité de conjuncture ubelaangt, esou kann ech soen, datt à peu près 600 Licenciementer säit dem Ufank vum Joer dem Comité de conjuncture notifizéiert gi sinn. Den Här Deputéierten huet zu Recht drop higewisen, datt nëmme Licenciementer an Entreprises, déi méi wéi 15 Salariéen hunn, mussen dem Comité de conjuncture gemellt ginn.

Duerfir ass et och esou, datt déi Chifferen, déi dem Comité de conjuncture, wat d'Licenciementer ubelaangt, gemellt ginn, an déi, déi d'ADEM als Chômeuren opféiert, zwou verschidde Kategorië sinn. Déi kann een also net 100%eg einfach esou matenee vergläichen.

En revanche, déi Chifferen iwwert de Chômage, d'Zuel vun den Demandeurs d'emploi, dat sinn déi nämlecht. Dat sinn och déi, déi d'ADEM iwwregens dem Comité de conjuncture liwwert.

Ech ginn awer dervun aus, ouni awer eng 100%eg Sécherheet ze hunn, datt et Betriber gëtt, déi och méi wéi 15 Leit beschäftegen, déi net all Licenciement - Licenciement économique, wuelverstan - dem Comité de conjuncture mellen an domat natierlech och e Suivi vum Sekretariat vum Comité de conjuncture novollzu gëtt.

Soll een do iergendwellech Sanktiounen...

► **M. le Président.**- Här Minister, Dir misst awer lues zum Schluss kommen.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Jo.

Soll een do Sanktiounen virgesinn? Ech gleewe jo net, datt dat vill bréngt. Ech mengen, et muss een iwwert déi verschidde Verbänn, iwwert d'UEL, iwwert d'FEDIL, iwwert d'Chambre des Métiers oder d'Fédération des Métiers d'Entreprise motivéieren emol éischtens am Virfeld, dann, wa Leit sollen entlooss ginn, datt een da sech a Verbindung setzt mam Comité de conjuncture, fir akzeptabel Lösungen ze fannen, fir also mat där Entreprise ze kucken, wéi ee kann eventuell d'Licenciementer évitéieren oder wéi een déi Licenciementer kéint besser accompagnéieren.

Mir hunn dat Instrument vum Plan de maintien dans l'emploi. Ech gesinn awer gläichzäiteg, datt dat Instrument net ëmmer esou gräift, wéi mer dat hoffen, datt et och net an all Entreprise méiglech ass, esou e Plan de maintien dans l'emploi ofzeschleissen. Mä ech géif mer eigentlech wënschen, datt mer e Système d'alerte précoce mat den Entreprises géifen instaléieren, fir besser, méi fréi a méi komplett iwwert déi verschidde Licenciementer ze informéieren.

De Chômage ass eng komplizéiert Matière.

► **M. le Président.**- Mir sinn eis däers bewosst, Här Minister. Här Weber, wëllt Dir nach eng Kéier d'Wuert ergräifen?

► **M. Robert Weber (CSV).**- Merci, Här President. Ech wëll just véier Remarque maachen. Ech mengen, d'Wichtigkeet vun de Frontaliere fir eisen Aarbechtsmaart brauche mer net méi ze ënnersträichen. De Räichtum vum Land ass zu engem groussen Deel mat hinnen och zesumme geschafen an opgebaut ginn.

Do dernieft wëll ech déi Remarque ganz einfach maachen, dass déi Frontalieren, déi eriwwer schaffe kommen, fir déi si mer net zoustänneg, fir eng Schoulausbildung ze ginn, wat och Käschten duerstellt. An duerfir, mengen ech, ass all Diskussioun Frontalier oder net Frontalier domat awer vum Dösch.

De Minister huet gesot, dass den E301 net iwwerall obligatoresch ass. Dat ass richtig. Dat ënnersträicht a sech just, dass d'Situation nach méi grave ass, wéi ech se a sech genannt hunn. D'Situation ass op jidde Fall op eise Aarbechtsmaart méi grave, wéi déi offiziell Statistike vum Arbeitsamt sinn.

An och duerch déi Äntwerten, déi de Minister ginn huet, mengen ech, ass kloer ginn, dass relativ grouss Ontransparenz bei de Chifferen ass, dass ee vill Chifferen net kennt, well ee se net hannerfrot kritt, dass ee vill Chifferen och net kennt, well een iwwerhaapt net weess, wat lass ass. Ech mengen, duerfir ass et wichtig, dass mer och an den nächste Wochen a Méint eis méi intensiv mat eise Aarbechtsmaart beschäftegen an och kucken, wat lass ass.

Déi lescht Remarque, déi ech wollt maachen, ass: De Minister seet, e géif mengen, dass Sanktiounen fir d'Betriber, wat d'Notifikatiounen un de Comité de conjuncture ubelaangt, net vill bréngen. Ech weess et net. Et ass en Argument, wat een ëmmer erëm héiert, dass Sanktiounen fir d'Betriber näischt bréngen. Dat héiere mer och, wat d'Notifikatioun vun den Offres d'emploi, déi d'Betriber dem Arbeitsamt sollen zoustellen, ubelaangt.

Ech weess net... Ech sinn och iwwerzeugt, dass dat vläicht net dat adequat Mëttel ass. Mä de Problem ass, dass mer iwwerhaapt kee Mëttel hunn, fir d'Betriber unzehalen, dass se hire gesetzleche Verpflichtungen nokommen. Dat beschit funktionéierend Arbeitsamt kann nëmmen esou vill Leit placéieren, wéi et offe Plazen huet. Wann et net vill offe Plazen huet, kann et d'Leit och net placéieren.

Op där anerer Säit: De Comité de conjuncture kann nëmmen esou gutt...

► **M. le Président.**- Här Weber, Dir misst awer esou lues zum Schluss kommen.

► **M. Robert Weber (CSV).**- Dat ass meng lescht Remarque.

De Comité de conjuncture, dee kann och nëmmen esou gutt schaffen - am Prinzip huet en eng preventiv Funktioun an der Ekonomie an an de Betriber -, wann en eng Notifikatioun kritt. Wann en déi Notifikatioun net kritt vun de Licenciementer, kann en natierlech och net schaffen.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Här Minister, Dir hutt zwar eigentlech keng Zäit méi, mä ech gestinn lech dann nach eng Kéier eng Minutt zou, fir nach eng Kéier dem Här Weber ze äntwerten.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Ech mengen, et muss een dat ganz e bësse relativéieren. Ech mengen, mir hu 14.000 Demandeurs d'emploi inscrits hei zu Lëtzebuerg. Déi gi berechent op enger aktiver Bevölkerung, Résidents, vun à peu près 220.000 Leit. Eis reell aktiv Bevölkerung ass awer natierlech déi Chifferen, déi ech virdru gesot hunn, 300.000, bal 340.000 Leit, duerch eben deen Apport vun de Frontalieren.

Mir hunn net genuch Iwwersiicht iwwert d'Frontalieren, och am Comité de conjuncture. Wa mer déi Notifikatiounen kréien, da kréie mer do keen Detail, ob dat elo e Résident ass oder e Frontalier. Déi Indications personnelles, déi kréie mer net.

Ech si mer bewosst, datt duerch dat neit europäescht Reglement, wou mer obligéiert ginn, déi dräi Méint ze rembourséieren, mer eng méi grouss Transparenz brauchen, wat d'Zuelen ubelaangt, besonnesch och vun deene Frontalieren, déi hei geschafft hunn an hir Aarbechtsplaz verluer hunn.

Dobäi muss ech och dem Här Deputéierte soen, datt vill Frontalieren an engem Contrat à durée déterminée sinn. An natierlech, wann dee Kontrakt zu Enn geet, da geet dee sech an E301 sichen. Well eben an deene leschte Joren d'Frontalieren esou en héijen Undeel haten un deenen neien Emploien a vill vun deenen Emploien och mat Contrat à durée déterminée waren, huet dat natierlech och en direkten Impakt, wann déi Kontrakten net erneiert ginn a wann déi Leit dann hir Aarbechtsplaz verléieren.

Merci.

► **M. le Président.**- Sou! Merci och dem Aarbechtsminister. Mir kommen elo zum Projet de loi 5987 iwwert d'Post. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo schon ageschriwwen: déi Häre Weber, Bauler, Henckes an Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

## 8. 5987 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 août 1992 portant création de l'entreprise des postes et télécommunications

### Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetzesprojet 5987 geet et ëm eng punktuell Emännerung vum Gesetz vum 10. August 1992 iwwert d'Schafung vun der Entreprise vun de Postes an Telekommunikatiounen. Et geet am Kloertext ausschliesslech dorës, fir de Gesetzestext iwwert d'Post a Konkordanz ze bréngen mat der neier rechtlecher Situatioun, déi hei zu Lëtzebuerg entstanden ass duerch d'Aféierung vum Eenheitsstatut am Salarat, an deem jo d'Ënnerscheeder tëschent dem Aarbechter an dem Privatbeamte verschwonne sinn.

D'Post beschäftegt nieft deene ville Leit, déi ënner engem Statut vun der Fonction publique stinn, eng ganz Rëtsch vu Leit, déi am Aarbechterstatut sinn oder waren, deemno wéi een et hält, an och zënter e puer Joer, dat war nach 1992 net de Fall, wéi dat Gesetz iwwert deen neie Statut vun der Post geschafe ginn ass, och eng ganz Rëtsch Leit, déi am Employé-privé-Statut agestallt gi sinn. Et ass also scho wichtig, dass et zu enger Kloerstellung kënn vun der statutaescher Situatioun vun deem doten Deel vum Personal vun eise Post- an Telekommunikationsbetrib.

De Gesetzesprojet ass vum Wirtschaftsminister, dem Här Jeannot Krecké, den 9. Dezember 2009 hei deponéiert ginn an e verfollegt eigentlech dräi Ziler. Éischtens, eng einfach Upassung vun der Terminologie vum Statut unique an dem Text vum Postbetrib. Zweetens, d'Aféierung vun der Méiglechkeet, fir e spezifesch Kollektivvertrag ofzeschleisse fir d'Salariéen, déi net ënnert dem Statut vun der Fonction publique sinn, also d'Salariéen vun dem Postbetrib, déi ënnert dem Statut vum Code du Travail définéiert sinn. Bis elo war et esou, dass de Kollektivvertrag vun de Staatsarbechter ugewannt ginn ass fir deen doten Deel vum Personal vun der Post.

Dat drëtt Zil, wat de Gesetzesprojet verfollegt, ass och d'Ofännerung vun der Zesummesetzung vum Verwaltungsrot beim Betrib vun der Post an der Telekommunikatioun. Schliesslech, dat ass och wichtig, gesäit den Text och nach eng Rei vun Iwwergangsbestëmmunge vir, ier een also um definitiven neie Statut ass.

Dëse Gesetzesprojet ass aviséiert gi vun de Berufschamberen. Opgrond och ënner anerem vun den Avisé vum de Berufschamberen huet d'Regierung nach eng Kéier Amendementer agereecht, déi erëm eng Kéier Objet ware vun engem Avis complémentaire vun zwou vun de Berufschamberen, der Chambre vum Salarat respektiv der Chambre vun de Fonctionnaires et employés publics. A schlussendlech stellt ee fest, wann een all déi, nottament och d'Zousazavisé liest, dass en Accord global, wat d'Ausrichtung an och wat den Text vun deem Gesetzesprojet ugeet, do feststellen ass.

All Avisé sinn also am Endeffekt positiv ausgefall. Dat gëllt och iwwregens fir den Avis vum Statsrot, deen de 24. November dëst Joer komm ass, deen awer eng ganz Rëtsch vun Textpropositione mécht, déi mer am Fong alleguete guttgeheescht hunn als zoustänneg Wirtschaftskommissioun. Mir waren der Meinung, dass déi textuell Ännerungen, déi de Conseil d'État proposéiert huet, géife Sënn maachen, dass déi den Text géife méi kloer maachen, juristescht korrekt wieren, an dass schlussendlech och de Gesamttext méi logesch opgebaut ass doduerch, dass d'Iwwergangsbestëmmungen net einfach an d'Corpse vun deenen eenzelnen Artikelen integréiert gi sinn, mä dass déi herno am leschten Deel vun deem Projet de loi zesummegefaasst gi sinn, wat och der normaler legistescher Approche entsprécht, déi d'Chamber huet bei Gesetzesprojeten.

Prézisiounen vläicht nach zum Inhalt. Wat de Verwaltungsrot bei dem Post- an Tele-

kommunikationsbetrib ugeet, ass et esou, dass dee bis elo aus zwielef Membere besteet, dovunner véier Salariatsvertrieder, véier Regierungsvertrieder a véier aner Memberen, déi vun der Regierung genannt ginn. Vun deene véier Salariatsvertrieder sinn der dräi Stéck, déi vertrieden déi Leit, d'Personal, déi ënnert dem Statut vun der Fonction publique bei der Post schaffen, an ee Postarbechtervertrieder ass och haut am Verwaltungsrot bei der Post.

Et gëtt elo proposéiert, och iwwert de Wee vun den Amendementer vun der Regierung, opgrond vun deene Kritiken, déi iwwert den éischten Text formuléiert gi sinn, fir déi Memberszuel elo vun zwielef op 16 eropzesetzen. An Zukunft also géifen zwee Salariatsvertrieder bäikommen, a fir de Parallelismus ze wahren, géifen och zwee Regierungsvertrieder bäikommen. Also vun zwielef op 16 erop. Bei deene sechs Salariatsvertrieder wieren der véier, déi d'Personal ënnert dem Statut vun der Fonction publique géife vertrieden, an zwee wieren et der, déi d'Salariéen, déi jo e privatrechtleche Statut hunn, géife vertrieden. Dat ass also esou, wéi an Zukunft de Verwaltungsrot soll opgebaut ginn.

Da gesäit och nach de Gesetzesprojet eng Iwwergangsbestëmmung vir, wou elo gesot gëtt, dass deen zousätzleche Vertrieder, dee bäikënn, soll am Fong den éischte Suppléant sinn op der Lëscht, esou wéi e bei de leschte Personalwale festgehale gi war. Wat eng, mengen ech, wichtig Fro ass, wou d'sozial Demokratie dann och erëm hiergestallt gëtt bei der Post.

Bis elo war et esou, dass d'Employés privés, déi bei der Post geschafft hunn, keen aktivt a passivt Stëmrecht haten, fir matzemaache bei der Bestëmmung vun de Salariatsvertrieder am Verwaltungsrot vun der Post. Déi Ongereimtheet do ass elo automatesch ewechgeraamt, wann deen heite Gesetzestext och vun der Chamber gestëmmt gëtt. Dat heescht, sämtlecht Salarat verfügt also och iwwer e Wahlrecht, wann et drëm geet, hir Vertriedung an deem ieweschte Gremium, dem Verwaltungsrot vum Postbetrib, ze stëmmen.

Déi zweet Präzisioun, déi ee muss ginn, wat den Inhalt ugeet, betrëfft d'Fro vum Statut, d'Fro vum Kollektivvertrag. Ech hu virdru scho gesot, dass et bis elo esou war, dass fir d'Aarbechter, déi bei der Post schaffen, klassescherweis de Kollektivvertrag vun de Staatsarbechter ugewannt ginn ass. Dat soll sech an Zukunft änneren. Mä bis d'hinne, bis am Fong en Accord fonnt gëtt tëschent der Post op där enger Säit an de Personalvertrieder vum Postpersonal op där anerer Säit, wäert et esou sinn, dass den Aarbechterkollektivvertrag vum Stat nach weider wäert applicabel bleiwen.

Et steet am Gesetz hei dran, dass et dee Kollektivvertrag ass, deen den 1. Januar 2009 a Kraaft getratt ass. Dat kann e Problem duerstellen. Et ass eng Fro, déi mer diskutéiert hu bei eis an der Kommissioun. Dat kann e Problem duerstellen, wann elo während laange Jore keen Accord géif fonnt ginn iwwer en neie Kollektivvertrag, da géif eventuell sech e Kollektivvertrag vun de Staatsarbechter uwenden, deen an der Tëschenzäit erëm ofgeännert ginn ass, deen also net méi deem entsprécht, deen den 1. Januar 2009 a Kraaft getratt ass.

Duerfir ware mir der Meinung, dass de Prinzip muss esou sinn, dass muss en Accord fonnt ginn iwwer en neien, spezifesch Postkollektivvertrag, mä dass op där anerer Säit awer och muss eventuell nogebessert ginn op gesetzlech Plang, wa keen Accord fonnt gëtt während enger längerer Zäit.

Ech denken, dass mer souwisou jo als Chamber nach an dëser Mandatsperiod wäerte konfrontéiert gi mat neien Texten, déi d'Post betreffen. Et ass jo allgemeng bekannt, an et ass och nozeliesen am Exposé des motifs vun deem heite Gesetzesprojet, dass et jo e wichtige Stéchdatum gëtt, dat ass den 1. Januar 2013, wou am Fong et zu enger weiderer Phas vu Liberaliséierung am Postwiese kënn, wou Lëtzebuerg jo eng Ausnahmeregelung do kritt huet, fir dat méi laang kënnen zäitlech opzeschieben.





Mä et ass evident, dass déi Fro ronderëm d'Organisatioun vum Postbetrib nach eng Fro wäert sinn, déi dës Chamber wäert beschäftegen. An da kann een an deem doten Zesummenhang och nach eng Kéier op déi Fro vum Kollektivvertrag zrëck ze schwätze kommen, wann éiere bis dohinner nach keen Accord fonnt ass, fir sech op e spezifesch Kollektivvertrag fir d'Post géeelegt ze hunn.

Dat war dat, mengen ech, wat ech hei nach wollt ausféieren zu där doter Fro. Wéi gesot, de Rapport ass eestëmmege an der zoustänneger Wirtschaftskommissioun ugeholl ginn. Ech géif also, am Numm vun där Kommissioun, och d'Chamber bieten, deem Text hei ze stëmmen. An ech bréngen dann och nach zum Schluss den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu deem Text hei an.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Merci, an als éischte Riedner ass den Här Robert Weber agedroen. Här Weber, Dir hutt d'Wuert.

## Discussion générale

► **M. Robert Weber (CSV).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn hei de Gesetzesprojet 5987, wat u sech e ganz technesch Gesetzesprojet ass. Duerfir wëll ech och net allze vill driwwer soen. Ech mengen, de Projet erkläert. Et ass e Projet, deem Ännerungen noutwendeg mécht, nodeem dass de Statut unique agefouert ginn ass. Dat sinn Ännerungen op zwee Niveaue: Dat ass haaptsächlech de Verwaltungsrot vun der Post, an zweetens dann awer och de Kollektivvertrag vum Postbetrib.

Do ass den Artikel 7 an deemem Projet de loi, deem eng Sécherheet fir d'Leit gëtt, wat haaptsächlech hire Pensionszuschuss ubelaangt, an deem zur gläicher Zäit versicht eng Sécherheet ze ginn, wat hire Kollektivvertrag ubelaangt. Do ass - an ech sinn dem Rapporteur dankbar, dass en drop opmierksam gemaach huet -, dass mat deem Datum, deem am Gesetzesprojet dran ass, den 1. Januar 2009, e Problem ass. An ech hätt léiwer gehat, wann deem Datum net an deemem Projet de loi gewiescht wier. Vu dass en awer scho wäitgehendst fäerdeg war, hu mer eis drop géeelegt an der Kommissioun, fir dann och d'Situatioun esou ze respektéieren, wéi se ass.

Mä deem Datum beinhalt ganz kloer eng Phase transitoire, an et ass dann d'Fuerderung an d'Iwwerleeung, déi an eng Richtung ginn, fir ze soen: „Hei muss züege un engem neie Kollektivvertrag, engem betribleche Kollektivvertrag fir d'Post selwer dann och geschafft ginn.“ Et kann net esou sinn, dass d'Leit, déi an deem Betrib schaffen, während Joren elo ouni Kollektivvertrag funktionéiere respektiv op der Basis vum Staatsarbeitskollektivvertrag, wéi en op den 1. Januar 2009 a Kraaft war, da sëtze bleiwen.

Vläicht nach eng Iwwerleeung, wat d'Matbestëmmung ubelaangt. Esou kollidéieren hei zwee Gesetzter, nämlech d'Situatioun am öffentleche Secteur an d'Situatioun aus dem Privatsektor, d'Gesetzter vun 1974. Déi Gesetzter vun 1974, wat d'Verriedung an de Verwaltungsreit an och d'Comités-mixtes-Regelungen ugeet, déi de Privatsektor also betreffen, ginn net integral transposéiert. Dat ass eng Situatioun, déi geféierlech ass, well hei ze enger Situatioun, zu enger Gesetzgebung am Privatsektor einfach derogéiert gëtt. Mir müssen also dat doten am A behalen. An d'Reform vun der Matbestëmmungsgesetzgebung am Privatsektor muss och ganz kloer am A behalen, dass d'Post e Betrib ass, dee permanent bougéiert, a wou d'Situatioun sech änneren, a wou da gegebenenfalls och d'Situatioun intern an der Post, wat hir Matbestëmmungssituatioun ubelaangt, muss changéiert ginn.

Ech ka positiv nëmmen ervirhiewen, dass e Schratt méi an d'Demokratiséierung vun der Ekonomik gemaach ginn ass, an dass Leit, déi jorelaang u sech kee Matbestëmmungsrecht an deem Betrib haten - dat waren alleguerten déi, déi ënner engem Privatbeamtestatut funktionéiert hunn -, da mat deem Gesetz hei respektiv mam Statut unique dann elo endlech och déi Matbestëmmungsrechter kréien, op déi se awer scho laang Joren och Recht haten.

Ech géif ofschléissend gären dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Bericht, och dass en drop opmierksam gemaach huet, wat mer zum Schluss an der Kommissioun diskutéiert hunn iwwert déi Phase transitoire, wat de Kollektivvertrag ubelaangt. An ech géif d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun soen.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Weber Merci, an als nächste Riedner ass den Här Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler (DP).**- Här President, mat deemem Gesetzesprojet gëtt dat modifizéiert Gesetz vum 10. August 1992 iwwert d'Post adaptéiert, den neie Gegebenheete vum Eenheitsstatut ugepasst, souwuel wat d'Verriedung vum Personal ugeet wéi och d'Gestioun vun de Salariéen. Mir begrëssen als DP-Fraktioun dës noutwendeg Upassungen a géifen dann och den Accord zu deemem Gesetzesprojet ginn.

Ofschléissend géif ech dem Här Alex Bodry félicitéiere fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport an, wéi gesot, den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Bauler Merci, an dann ass den Här Kox nach agedroen.

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- Ech mengen de Rapporteur hat eis en ausféierleche Bericht hei ginn, an och meng Virriedner hunn Explikatiounen derzou ginn. Duerfir wëll ech och den Accord zu deemem Projet vun eiser Fraktioun ginn.

Merci.

► **M. le Président.**- An dann hu mer nach den Här Henckes.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, och vun onser Säit aus e grouse Merci un de Rapporteur, deem och déi ganz Problematik diskutéiert huet, déi mer an der Kommissioun diskutéiert hunn, wou et en fait manner ëm e Problem geet vun dem Minister vun der Economie, mä deem de Ministre du Travail, deem haut hei ass, wäert héchstwahrscheinlech an der Zukunft méi concernéieren.

Et muss een hei festhalen, datt mer effektiv ganz vill iwwert de Kollektivvertrag diskutéiert hunn. An ech wëll just nuren drop hiweisen, wat am Rapport ervirgestrach gëtt: Dat ass, datt bái deem neie Kollektivvertrag, dee soll négociéiert ginn, deem Besoin accru vu Flexibilitéit, deem d'Konkurrenten op d'Post ausüben, bei den Négociatiounen vum Kollektivvertrag Rechnung gedroe soll ginn. Alleguerten déi Gewerkschaftler, déi sech also och an der Chamber an ausserhalb vun der Chamber ëm dese Problem këmmen, wäerten héchstwahrscheinlech dësen Zousaz mat grousem Intérêt bemierkt hunn. An da wësse se och, wat op se zoukënt.

Dat gesot, wollt ech awer den Accord vun der ADR zu deemem Projet ginn, well mer effektiv eng etlech Modifikatiounen an zousätzlech Rechter awer verankeren. Notamment muss een ervirsträichen, datt d'Matbestëmmungsrechter vun den Employéen, also wat ee fréier Employé genannt huet, nees erëm elo wäerte gewahrt ginn. Ech wëll och drop hiweisen, datt ech och frou wier, wann datselwecht kënt bei den Employéë bei de Gemengen och eng Kéier duerch Gesetz realiséiert ginn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Henckes Merci, an als leschte Riedner ass den Här Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Här President, mat der aktueller Fassung vum Gesetz kann ech averstane sinn, mat e puer arbeitsrechtliche Reserven, déi awer den Här Weber schon ausgedréckt huet, esou dass ech déi net nach eng Kéier muss widderhuelen, par rapport zum Kollektivvertrag an Ähnlech.

Woumadder ech awer net d'accord sinn, dat ass déi allgemeng Entwécklung bei der Post, déi een awer hannert deem Gesetz hei muss gesinn. An déi Entwécklung vun der Post ass wierklech e Beispill vun engem Widdersproch tëscht Theorie a Praxis,

an e Beispill vun enger schlaicher Privatiséierung vun enger öffentlecher Entreprise. Widdersproch: Am Postgesetz steet nach ëmmer, och no där heiter Modifikatioun: „Le régime des agents de l'entreprise est un régime de droit public.“

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics weist zu Recht drop hin, an och mat Zuelen, dass a Wierklechkeet deem öffentlech-rechtliche Statut vum Personal ëmmer méi ofgebaut gëtt, an dass ëmmer méi Leit ënnert dem privatrechtliche Kontrakt agestellt ginn, oft och mat prekären Arbeitsverhältnisse. An do steet d'Regierung hannendrun, an do steet och dës Gesetz hannendrun, well am Exposé des motifs steet dann nach eng Kéier ausdrécklech: Am Kader vun der Konkurrenz un fräie Maart misst d'Post dann och eng flexibel Gestioun vun hirem Personal duerchféieren an eng vergläichbar Gestioun mat dem private Secteur. An et ass déi prinzipiell Logik oder Philosophie, mat där ech net averstane sinn.

Am Iwwregen, bei der Post ass et jo net nëmmen esou, dass ëmmer méi Leit ënner privatrechtlichem Kontrakt agestellt gi bei der Entreprise mère, souzesoen, selwer, sondern dass och ëmmer méi Dealer vun där Post carrément ausgelagert ginn a Form vu private Betriber. A wann déi Plang vun der Postdirektioun duerchgezu ginn, wou ech nawell gär wësst, wéi d'Regierung sech dozou géif verhalten, da geet dat verstärkt weider, an dann hu mer an Zukunft och kee Bréifdréier méi an där Funktioun, wéi en elo besteet, mat där fir mech wichtiger sozialer Funktioun, sondern dann hu mer och do Leit mat prekären, reduzierten arbeitsrechtliche Bedingungen a Mindestgehälter.

Ech fannen, dass et héich Zäit géif ginn, dass mer net einfach Direktive schlécken, un deene mer selwer matgewierkt hunn, sondern dass eis Regierung sech endlech, um Niveau vun der Europäescher Union, géint déi Obsessioun vu Liberaliséierung a Privatiséierung stellt an am Géigendeel sech engagéiert fir eng seriö Charta vum Service public.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Hoffmann Merci, an domadder wiere mer um Enn vun der Diskussioun. Oder wëllt den Arbeitsminister nach Stellung huelen?

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Ech wollt eigentlich amplaz vum Postminister, dee leider haut verhënnert ass, emol éischts dem Rapporteur Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Ech wollt och just einfach nach rappéléieren, datt d'Post e ganz wichtige Betrib hei zu Lëtzebuerg ass. Et ass e Betrib, deem an enger permanenter technologescher Evolusioun ass. Mir müssen also alles maachen, fir dee Betrib weider esou modern wéi méiglech ze halen. A wann ech soen: „E muss technologesch modern gehale ginn“, da muss en och sozial modern gehale ginn. Dat heescht, mir brauchen e Sozialdialog, an duerfir ass et wichtig, och zu enger Convention collective ze kommen, déi hei virgesinn ass. An et kann een also nëmmen encouragéieren, datt et zu esou enger Konventioun kënt.

Merci.

► **M. le Président.**- Gutt, Merci. Domadder wier alles gesot zu deem Projet. Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5987 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Lucien Clement), Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Lucien Thiel), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Raymond Weydert), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf,

Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Jean-Paul Schaaf), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. Ben Fayot), Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chambre d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

## (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen elo zum Projet de loi 6013 iwwert den Traité vu Budapest iwwert d'Unerkennung vu Breveten. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo just ageschriwwen: d'Madame Mergen. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

## 9. 6013 - Projet de loi

### 1) portant approbation du Traité de Budapest sur la reconnaissance internationale du dépôt des micro-organismes aux fins de la procédure en matière de brevets, fait à Budapest le 28 avril 1977 et modifié le 26 septembre 1980

### 2) portant modification de la loi du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention, telle que modifiée

### Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire

► **M. Claude Haagen (LSAP), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Härën, de Projet de loi 6013, deem ech dann einfachheitshalber „Traité de Budapest“ nennen, handelt iwwert d'international Unerkennung vun de Breveten iwwert den Dépôt vu Mikroorganismen. Duerch de Vote vun deemem Gesetzesprojet trëtt Lëtzebuerg dem Traité de Budapest definitiv bái.

Zu der Geschicht vum Projet: De Projet de loi ass den 12. März 2009 an der Chamber vum Ausseminister déposéiert ginn. De Statsrot huet den 10. November 2009 säin Avis ginn, an an der Wirtschaftskommissioun ass de Projet de loi unanime den 9. Dezember vun deemem Joer ugeholl ginn.

D'Zil vum Projet de loi ass et, fir eng Simplification administrative beim Dépôt vun de Brevete vun den Entwécklungen an Erfindungen am biologesche Beräich ze kréien. Ech komme spéider nach eng Kéier dorobber zrëck. De Sënn vun engem Brevet ass, datt eng Erfindung geschützt ass a säin Auteur verschidde Rechter huet a behält. Wann eng Erfindung iwwer e Brevet protegéiert gëtt, muss een dës Erfindung och der Öffentlichkeit matdeelen an zougänglech maachen. An der Erklärung vum Brevet selwer steet d'Beschreibung, datt d'Experten an deem Domän och dës Erfindung nomaachen an applizéiere kënnen.

Dës Beschreibung besteet normalerweis aus Texter oder Biller an Zeechnungen. Beim Gebrauch vu Mikroorganismen ass dës awer ganz schwéier ze realiséieren. Heiansdo ass de Mikroorganismus selwer